N°1924
Entrée le 11.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Déi spuenesch Autoritéit fir den Traffic (DGT) huet decidéiert, dass ab dem 1te Januar 2026 d'Sécherheetsdräieck an den Autoen verschwënnt an duerch eng Warnluucht ersat gëtt, déi bei engem Accident mat engem Magnéit op den Auto plazéiert gëtt.

D'Decisioun gouf geholl, well 2022 eng 42 Persounen an Accidenter verwéckelt waren, well si aus dem Auto geklomme sinn. D'spuenesch Autoritéit informéiert weider, dass fir Automobilisten aus dem Ausland d'Warndräieck weiderhi ka genotzt ginn an equivalent ass zu der Warnluucht.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert och Lëtzebuerg de Wee goen, fir dës Warnluucht hei am Land obligatoresch ze maachen?
   - Falls nee, firwat net?
   - Falls jo, bis wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten